



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5708 vum 8. Februar 2022 vum Här Deputéierten André Bauler

D'Zuel vun den Dossieren déi vun der Denkmalschutzkommissioun (COSIMO) aviséiert goufen, an déi nach fir eng Proposition de Classement opstinn, beleeft sech op 119, an net op "e puer honnert". 95 vun dësen Dossiere betreffen d'Gemeng Helperknapp. De wëssenschaftlechen Inventaire ass an dëser Gemeng ofgeschloss an déi leschten Dossiere sinn Enn Abrëll 2021 vun der Commissioun aviséiert ginn.

Effektiv gouf ugestriift déi 95 Dossiere vum Helperknapp mateneen ënnert dem Denkmalschutzgesetz vun 1983 z'évakuéieren. Vu datt mer awer am Hierscht 2021 dovunner ausgaange sinn, datt dat neit Denkmalschutzgesetz kéint am Mäerz 2022 a Kraaft trieden, goufe keng Classementsprozedure fir den Helperknapp méi ugefaangen, virun allem well tëscht dem Ufank an dem Enn vun der 1983'er Prozedur d'Propriétaire minimal 6 Méint Zäit hu fir op en „arrêté proposant le classement“ ze reagéieren. Eréischt nom Oflafe vun dësem Delai kann de Kulturminister Dossieren an de Regierungsrot ginn fir de Classement konfirméieren ze loossen. D'Chamber huet dës Prozedur awer den 10. Februar mam Vott vum neien Denkmalschutzgesetz ofgeschaf.

An enger Rei vun den Dossiere vum Helperknapp hat de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) am September 2021 nach net all d'Informatiounen beienee fir all d'Propriétaire vun de betroffenen Haiser mateneen uerdentlech ze saiséieren. Dat ass net op e Personalmangel zrëckzeféieren, ma huet mat enger ganz normaler Recherche ze dinn, déi eben net konnt a 4 Méint (vu Mee bis Enn August) fir 95 Dossieren ofgeschloss ginn. Och aner Verwaltungen, déi hir Zäit brauche fir dem SSMN z'äntwerten, sinn do mat agebonnen.

An de nächste Woche wäerten déi 95 Dossiere vum Helperknapp vum zukünftegen Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) fäerdeg opgeschafft ginn, sou datt, ënnert der Regie vum neie Gesetz, de nationale Schutz wäert no enger ëffentlecher Enquête kënnen iwwert e groussherzoglecht Reglement a Kraaft trieden.

De Service vum Inventaire vum zukünftegen INPA gëtt et zanter 2016. Am Moment huet e 9 Leit. 2022 kommen der nach op d'mannst 5 dobäi.

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2022

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson